

Rapport vun der Bautekommissioun

13. Juli 2021

Presenzen

Present	Net present (entschëllegt)
<u>Memberen:</u> Ann LEURART; Marc SINNES; Claude HETTINGER; Joël HERREN; Patrick KRAEMER; Marc EICH; Mike KOEDINGER; Gil PLATZ; Gabriel FABER; Frank CONRAD <u>Net Memberen:</u> Henning NIEBOER; Joel MEYERS; Philippe CHENNAUX;	<u>Memberen:</u> Gaston DE MARCHANT ET D'ANSEMBOURG; Henri NOESEN

Presenzen: 9/11

Sekretär: Ann

Ordre du Jour

- Présentations nouveaux membres
- Élection nouveau secrétaire
- Présentation Zimplan relations PAG/PAP/RBVS : Henning Nieboer
- Présentation Zimplan nouveau PAG : Henning Nieboer
- Présentation PAP Birbelterwee
- Présentation PAP Rue de Greisch
- Présentation PAP Helperterwee Buschdorf
- Présentation PAP Oben dem Dorf
- Avancement changements RBVS
- Demandes de dérogations
 - Projet Faber-Feidt Maandelbaach alignement par rapport aux maisons voisines

Presentatioun vun den neie Memberen

Mir hunn zënter de 7. Mee 2021 4 neie Memberen an eis Kommissioun: Marc EICH, Gabriel FABER, Mike KOEDINGER a Gil PLATZ. Mir begréissen eis neie Memberen a jiddereen stellt sech kuerz vir.

Eng wichteg Notiz ass dat am Fall e Projet beschwat gëtt wou een perséinlech/berufflech betraff ass, een deen Ament de Sall ka verlossen, dat gëtt dann notéiert an de Rapport.

Kandidatur Poste neie Sekretär

De Gabriel FABER an de Gil PLATZ stelle sech Kandidat fir de Poste vu Sekretär. Beide ginn ugeholl a mir decidéieren fir en Tour de Rôle of ze wiesselen wien Sekretär a wien Adjoint ass. Dat gëtt dann notéiert an de Rapport a nëmmen de Sekretär kritt dann den doubelen Jeton.

Presentatioun Zimplan Relatiounen PAG/PAP/RBVS an Presentatioun neie

PAG: Henning Nieboer

Am Moment sinn nach ëmmer de 2 PAG'en vun den ale Gemengen en vigueur, wat net ideaal as fir ze schaffen. Der Fusioun ass am gaang. Henning erklärt wat d'Prozedur ass fir der Fusioun vum PAG'en, vu Planung bis Geneemegung am Ministère.

Dossier PAP QE (partie écrite, partie graphique) muss duerno och fusionnéiert ginn.

Mir hu schon 1 Bauteregelement fir ganz Gemeng. Mir maachen een Update vum Dokument.

Planungssystematik Vorbereitender Deel: Etude préparatoire (Analyse situation existante, schémas directeur, concept de développement).

Dës Info gëtt dann an den Dossier PAG benotzt (partie écrite, partie graphique, fiches de présentation). Dat ass dann dat reglementarischer Deel.

Firwat e neie PAG fir Gemeng Helperknapp:

Duerch d'Fusioun vun der 2 Gemengen hu mir 2 PAG'en, also:

- Verschiddene Regeln an der Gemeng
- Extra Effort fir Service Technique
- Manktem u Spuerbarkeet fir Bauherren & Architekten
- Kee Planungsiwwerbléck

Entwecklung Populatioun Gemeng Helperknapp : Wachstum 2011-2020 : 25,5%

Henning erklärt eis d'Entwécklungspotenzial, wat de verschiddene Potentiele sinn an eis Gemeng a wat sinn d'Entwécklungspotenziale pro Duerf fir eis Gemeng.

Henning erklärt eis och wat de Relatioun ass mat de verschiddene Wachstumspotenziale, d'Entwécklungstrends an de Ännerungen vum PAG.

De Partie Ecrire vun der aller Béiwener an der aler Tëntener Gemeng mussen harmoniséiert ginn.

D'Haaptunterschiede sinn:

- Bauzone HAB-1: Limitatioun Unzuel Wunnunitéiten pro Gebai (4) zu Tënten an 100% unifamial an de PAP-NQ
- Bauzone Mix-v: Limitatioun Unzuel Wunnunitéiten pro Gebai (4) zu Tënten.
- Stationnement: nëmmen 1 Parkplatz fir Wunnunitéiten < 50m²
- Parkplatze fir Véloen missten virgesinn ginn
- Servituden: keng Ännerungen gemaach fir „Dispense SUP“ ze kréien.

Geplangter Zäitlaf : Winter 2021/22 Approbatioun PAG (Min Intérieur, Environnement)

Environnement net prêt, no der Rentrée Virstellung an Gemengerot, Reckelen 2 Meint, also Freijoer nächst Joer PAG faerdeg.

Fro gëtt gestallt ob et net besser wier als Gemeng d'Koefficienten méi héich ze maachen. Et ass besser fir dat net ze maachen wëll mir mussen dat och global kucken punkto Kapazitéit Waasser, Kapazitéit Schoulen, usw.

Eng anner Fro: kann eppes provisoersch gebaut ginn op eng Bauplatz? ZB eng Tinyhouse. Dat ass och an der Discussion bei Pact Logement. Do ginn interessante Modellen fir dat ze maachen, do muss gekuckt ginn wéi dat reglementair kann umgeset ginn.

Wëlle mir weider an de Richtung ginn dat aal Gebaier ofgerapt ginn fir dann nei Gebaier op ze riichten? D'Stroossebild gëtt immens geännert, onafhängelech vun Infrastructure.

Nach eng Remarque iwver d'Parkplätzen: eng Parkplatz mat Wunneng ënner 50m². D'Parkplatzproblem ass richtig an do ass schon en Defizit op vill Platzen. Wunnraum ass zimlech déier. Oft ginn och Appartementer verkaaft ouni Parkplatz, dat ka keen Verpflichtung ginn mee dat ka gekuckt ginn mat e Jurist wat do ka gemaach ginn. Secher op Platzen wou Commerzen sinn, Schoulen, ... De Matière ass zimlech complex, et kann och net d'Iddi sinn dat d'Gemeng Terrainen kaaft fir Parkplätzen ze maachen.

Presentatioun PAP Birbelterwee

Zu Bëschrëf, PAP NQ mat verschiddene Proprietairen, 2 Buroen sinn am gaang derop ze schaffen. Wëll do e Problem ass mat de Waasseroflaaf, sinn Bassins de Rétention geplangt. Am Moment si nach keng Infrastructures do, d'Gemeng wëll kucken fir e Retentionsfläch dobai ze kréien.

Grenge Platzen sinn och virgesinn duerch Gemeng. Den Access ass relativ schmuel an zimlech géi mee net onméiglech fir Camionen eran ze kommen. 12 Wunnuniteiten si virgesinn. Eng Remarque gëtt gemaach dat bei der Mòlkerei Quellen vun de Bierg ofkommen. Zowiesou mussen technesch Etuden gemaach ginn (laut den PAG).

Parkverbuet muss dann gemaach ginn op der Strooss derop (Entrée). Schnéicamion muss derop kënnen fueren. Offentleche Parkplatzen (7 Stéck) si virgesinn.

Eng anner Remarque gëtt gemaach: wouhinner geet d'Kanalisation fort? Liefert an den bestehenden Réseau.

Nach eng Remarque: ass et méiglech fir Reewaasser an Offallwaasser ze trennen? Den Bureau d'études muss noweizen dat dat machbar ass.

Presentatioun PAP Rue de Greisch

E grouss deel vum Terrain ass vum Logement, och e schmuele Wee als Access. Eng bestehende Gréngzone bleift. Offentlech Parkplatzen si virgesinn. Eng Retentionsbecken ass virgesinn, d'Propriété bleift bei der Gemeng. Access zu anner Terrainen ass och virgesinn. 12 Uniteiten, wovun 2 Bifamilialen an de rescht Unifamilialen. Mir gesinn do kee riesege Problem punkto Verkéier. Kanalisation ass nei a rezent gebaut ginn. 2 Entréen si geplangt fir de PAP NQ.

Presentatioun PAP Helperterwee Buschdorf

2 x 4 Bauplatzen fir Unifamilialen op ze bauen. An der Mëtt ass e PAP NQ virgesinn. Eng Retentionsbecken ass virgesinn. Parkplatzen si net genuch virgesinn, mir faerten dat et méi Parkplatzen gebraucht ginn.

De Partie Ecrite fir de Projet ass schon gemaach ginn. Regeln fir Emplacements stationnements, Gaardenhaischen, Clôtures, usw. mussen esou vill wéi méiglech d'Regeln vu PAP QE nofollegen.

Remarques: Definitioun fir Etage en retrait muss besser definiéiert ginn, vlaicht och Heicht eischten Acrotère definéieren. Wéinst der Attica vlaicht eng Differenz vu 50 Cm zouloossen.

Eng technesch Derogatioun fir Liften muss méiglech sinn, de Philippe froet dat no. Definitioune Faarwen fir Façaden mussen och nach kloer sinn.

Reewaasser a Offallwaasser gi getrennt.

Nach eng Remaque : ass den Trottoir en Deel vu PAP ? Nee, dat muss awer en Deel vu PAP sinn. Dat bestehend Hécken bleift esou vill wie méiglech, ass awer net geschützt.

Presentatioun PAP Oben dem Dorf

Am Momenent ass dat déi 3. MOPO déi ugefrot gëtt. Garagen si méi grouss gemaach fir verschiddene Parzellen an nämlescht mat Gaardenhaisercher. D'Koefficienten missten ugepasst ginn. Den Mauer déi do gebaut ginn ass, ass lo och beigezeichnet an de PAP Partie Graphique. E Piedchen ass gemaach ginn an de Espace Vert (war virgesinn Graass an Hécken). Sichtschutz ass och ugepasst ginn a ka lo och bis 1,85m heich sinn (wéi an de PAP QE steet).

Mir müssen eis iwwerleeen wéi mir dat maachen mat Piscinen wëll an der Beiwener Zait ass et méiglech dat do e Problem kënnt mat de Kapaciteit vum Drénkwaasser. Eng Méiglechkeet ass fir alles wat iwwer eng normal Verbrauch geet, méi déier gëtt. Wéi kéinte mir dat an de Grëff kréien? Leit mat Reewaasserreservoir kéinten dann zB. Virdeel kréien.

Fortschrëtter Ännerungen RBVS

De Service Technique ass am gaang fir Punkt fir den RBVS Punkt duerch ze kucken. Et ass zimlech complex wëll et vill Detailer ginn. Vlaicht an engem nächsten Commissioun kann eng Presentatioun dovun gemaach ginn.

Derogatiounen - Ufroen

- **Projet Faber-Feidt Maandelbaach alignement par rapport aux maisons voisines**

Et geet ëm eng Demande de Derogatioun ob der bestehende Baulinn, d'Iddi ass fir méi nohannen (10m ipv 6m) ze bauen.

Wat ass de Grond fir méi nohannen ze bauen? Wa mir de Plang vun der Strooss nokucken, gesi mir dat do schon verschiddene Baulinnen sinn.

Wivill Meter si si dann dohannen iwwer de bande de construction ? 3,15m. Wat awer wichteg ass, ass dat d'Baufenster net méi grouss ginn ass.

Wëll et esou e grouse Block ass, ass et effectiv vläicht besser dat et méi nohannen gebaut gëtt. Wëll et verschiddene Meenungen gëtt, gëtt ofgestemmt ob d'Baulinn kann nohanne geréckelt ginn:

Stëmmen fir: 7

Enthalungen: 2

Resultat: 7/9 Stëmmen fir OK, also et gëtt decidéiert dat mir domat averstane sinn dat d'Baulinn do geréckelt gëtt wéi op de Pläng virgesinn.

Nächst Kommissioun

En nächsten Datum ass nach net festgeluecht.

Signaturen

Nom	Signature
Ann Leurart	
Comte de Marchant et d'Ansembourg Gaston	
Marc Eich	
Gabriel Faber	
Joël Herren	
Claude Hettinger	
Koedinger Mike	
Patrick Kraemer	
Henri Noesen	
Gil Platz	
Marc Sinnes	